N°3189
Entrée le 11.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3189 vum 13. November 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1. **Firwat kann eng Airline eng offiziell Bescheinegung vum Bestatter net akzeptéiert, obwuel dës vun der Police akzeptéiert ginn ass?**

Fir den Transport vun enger Urn mam Fliger soll des aus engem aaneren Material wéi Metall bestoe. D'Begleetdokumenter kënnen déi erfuerderlech Sécherheetskontroll net ersetzen.

2. **Sinn d'Sécherheetsvirschrëfte proportional a néideg, wann eng offiziell a préifbar Beschäinegung vun engem Pompe funèbres dobäi läit?**

Des Sécherheetsreglementer gi vun internationalen, europäeschen a lëtzebuergeschen zivile Loftfaartautoritéite festgeluecht a verlaangen eng systematesch Sécherheetskontroll vun all agecheckte m Gepäcksteck. Dofir kënne Begleetdokumenter, wéi schon uewe beschriwwen, déi erfuerderlech Sécherheetskontroll net ersetzen.

3. **Wéi ënnerscheeden sech d'Lëtzebuerger Reegele vun deenen an anere Länner?**

D'Reegele, déi zu Lëtzebuerg ugewannt ginn, entspriechen den internationalen an EU-Standarden. Dës Ufuerderungen si verbindlech fir all Acteuren déi un der Fluchsécherheet bedeelegt sinn (Fluchhafenbedreiwer, Sécherheetsdéngschter, Fluchgesellschaften). Relevant Reesufuerderungen gi reegelméisseg vun den Operateure publizéiert, fir de Passagéier ze hëllefen sech adequat op hir Rees virzebereeden. Och d'Luxair huet des Regelen op hirer Websait publizeiert: https://www.luxair.lu/fr/faq/transport-dune-urne/

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes